

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

D'Regierung huet et sech duerch divers Initiativen zum Zil gesat, d'Lëtzebuenger Stromversuergung méiglechst staark a méiglechst séier, vu fossille Brennstoffer an Atomkraaft op ëmwandelbar Energien ëmzestellen. Souwuel Photovoltaikanlagen wéi och industriell Wandanlagen hunn awer den Nodeel vun der Volatilitéit. Hei spillt engersäits déi kuerzfristeg Volatilitéit mat ran, awer och déi saisonal Volatilitéit wa wéineg Sonn a Wand herrschen. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4491 schreift d'Regierung ausserdeem, datt si den Äerdgas zwar nach als Iwwergangstechnologie gesäit, mee net méi besonnesch wëll féerden. Gläichzäiteg wäert den nationale Strombedarf an den nächste Jore staark klammen, zum engen duerch déi vun der Regierung forcéiert Ëmstellung vum Verbrennungsmotor op honnertprozenteg elektresch Gefierer awer och d'Usiidlung vun energieintensive Betriber aus dem Beräich vun der Computertechnologie an der "Data Science", wéi dem neie Google Zenter zu Bissen. Nieft dem héijen Energiebedarf selwer sinn dës Betriber awer och op eng héich Energiesécherheet ugewisen.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi gedenkt d'Regierung op déi genannte saisonal Volatilitéiten ze reagéieren?
- 2) Wéi gedenkt d'Regierung d'Sécherheet vun den Energienetzer ze garantéieren, wann d'Leit hir Elektroautoe viraussichtlech Nuets lueden, wann d'Quantitéit vum verfügbare Strom méi niddreg läit?
- 3) Wéi eng Gespréicher lafe mat neie Betriber, déi sech zu Lëtzebuerg wëllen néierloossen, iwwert hir Energiesécherheet? Geet de Staat eng Responsabilité civile an, fir de Fall, wou d'Betribsofleef duerch Schwankungen am Lëtzebuenger Stromnetz gestéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten